ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Fuerscher vun der Universitéit Ulm hu Veronrengegungen am Impfstoff vun AstraZeneca respektiv „Vaxzevira" fonnt. D'Fuerscher hunn hei dräi Chargë vum Impfstoff mat biochemesche Methoden a Proteomanalysen ënnersicht. Nieft de Proteine vum Vaccin selwer konnte si eng substanziell Unzuel vu mënschleche Proteinen an och vu regulatoresche virale Proteine fannen, déi net an den Impfstoff gehéieren.

D'Resultat vun dëser Ënnersichung huet erginn, datt ënnert deene fonnte Proteine vu mënschlechem Ursprong virun allem sougenannten Hitzeschockproteine wieren. Extrazellulär Hitzeschockproteine solle bekannt sinn dofir, datt si ugebueren an ugëeegent Immunäntwerte moduléieren a bestoend Entzündungsreaktioune verstäerke kënnen. Si goufen och scho mat Autoimmunreaktiounen a Verbindung bruecht. De Responsabele vun der Gentherapie op der Universitéit Ulm huet betount, et wier néideg, den Hierstellungsprozess an d'Qualitéitskontroll vum Impfstoff ze iwwerschaffen. Datt e pharmazeutescht Produkt méiglechst wäit fräi ass vun esou Veronrengegungen, gëllt ëmmerhin als wichtege Qualitéitskrittär an der Pharmaindustrie.

(Dës Aussoen an Informatioune sinn ënner anerem op www.uni-ulm.de zougänglech.)

An der Fuerschung gëtt elo kontrovers diskutéiert, iwwert den Afloss vun deene Veronrengegungen op d'Wierksamkeit vum Impfstoff, a méiglecherweis esouguer op d'Ausmooss vun den Niewewierkungen an d'Entstoe vun de liewensgeféierleche Bluttgerinnsel.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung a Kenntnes vun dëse Fuerschungsresultater an den domat verbonnene kontroversen Diskussiounen?

2. Wéi steet d'Regierung zu dëse Fuerschungsresultater?
3. Wat heescht dat fir Lëtzebuerg? Ass d'Madamm Gesondheetsminister der Meenung, datt een d'Impfe mam AstraZeneca respektiv „Vaxzevira" aus Sécherheetsgrënn stoppe sollt, bis dës wichteg Froen, déi d'Fuerschungsresultater vun der Universitéit Ulm opgeworf hunn, gekläert gi sinn? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten